

Sponsoring Dossier



*télévie
Aerenzdall*

25. Abrëll 2015
Medernach

Zesummefaassung

1. Presentation.....	3
❖ Zil vum Télémie Aerenzdall.....	3
❖ Programm vum Télémie Aerenzdall	3
2. Public.....	3
3. Kommunikatiounsplang	4
❖ Planning vun den Aktiounen.....	4
4. Budget.....	5
❖ Ausgaben.....	5
❖ Einnahmen.....	5
5. Sponsoring Offer	5
❖ Sponsor.....	5
6. Kontakt.....	8

1. Presentatioun

D'Aerenzdallgemeng huet 2015 d'Eier ee vun de 4 Centres de promesses am Land däerfen ze sinn an domat och d'Chance aktiv un der Lutte géint de Kriibs ze hëllefen.

De 25. Abrëll 2015, dem groussen Dag vum Télévie, ginn dann all d'Suen déi mir d'Joer iwwer gesammelt a gespent kruten un Télévie iwwerreicht.

Wéi Décisioun gefall war, dass d'Aerenzdallgemeng ee vun de Centres de promesses géif ginn, war et kloer datt dat vill Aarbecht géif ginn a mir all Fräiwëllegen bräichten dee mer kréie kënten. Doropshin gouf eng Versammlung mat all de Clibb aus der Gemeng aberuff an ee Comité aus 17 Leit gegrënnt. Dës Leit sinn all op Basis vum Benevolat bäigetruewen, sief et aus de verschiddene Clibb oder aus perséinlechem Engagement.

De 25. Abrëll 2015 soll dann d'Aarbecht vum Comité seng Friichten droen an hoffentlech vill Leit op eis Veranstaltung zéien. Fir dës verschidden Aktivitéiten ze finanzéieren, si mir op der Sich no Sponsoren oder Donateuren.

Als Géigeleeschtung ginn et verschidde Packagen déi et lech erméiglechen Reklam fir är Firma ze maachen. Dës Packagen variéieren tëschent 100 € an 3.000 €, sou datt fir all Budget eppes dobäi ass. Weider Detailer fannt dir ënner "Sponsor" op der 6. Säit.

❖ Zil vum Télévie Aerenzdall

Zil vum Télévie Aerenzdall ass et méiglech vill Suen ze sammelen, fir an d'Kriibsfuerschung z'investéieren, sou datt e Mëttel géint de Kriibs ka fonnt ginn.

❖ Programm vum Télévie Aerenzdall

De Programm gëtt sou gestallt datt fir Grouss a Kleng eppes derbäi ass, sief et verschidde Spiller, Concerte, Spektakelen an Animatioun. Dës Aktivitéiten sinn deelweis och iwwert déi nächst 6 Méint verdeelt an op eiser Internetsite oder um Facebook fënnt een déi respektiv Detailer. De 25. Abrëll 2015 ass selbsterständlech och beschdens fir lessen a Gedrénks gesuergt.

2. Public

Jiddereen ass natierlech um Télévie Aerenzdall häerzlech Wëllkomm!

3. Kommunikatiounsplang

❖ Planning vun den Aktiounen

	Novem ber	Dezemb er	Januar	Februar	Mäerz	Abrëll
<u>Kommunikatioun op Pabeier</u>						
Verdeelen vun den Affichen A2 (500 Exemplairen)						
Verdeelen vun den Flyeren A5 (15000 Exemplairen)						
Verdeelen vu Broschüren						
<u>Webmarketing</u>						
Logo op der Internetsäit						
Logo op Facebook						
<u>Relatiounspress während dem Télévie de 25/04/2015</u>						
Ophänken vun de Calicots um Site						
Logo op der Beach Flag						
Logo um Roll-Up						
Logo bei der Bühn						
Dëschsets						

4. Budget

❖ Ausgaben

Wéi dir wësst bréngt e Centre de promesses och vill Käschten mat sech. A folgender Tabell fannt dir déi wichtegst Ausgaben zesummegefaasst.

<u>Haaptausgaben (Estimatioun)</u>	
Bühn	
Aktivitéiten	
Spiller	
Concerten	
Spektakel	
Drécken vun de Werbemëttel	
lessen	
Gedrénks	
Merchandising	
Stroum, Waasser, Heizung	
Internetsäit	
Administrativ Ausgaben (Telefon, Pabeier, etc....)	
Transportkäschten	
Aner Ausgaben	
Total	+ - 30.000 €

❖ Einnahmen

Op der Einnahmesäit sinn an der folgender Tabell d' Haapteinnahmen opgezielt.

<u>Haapteinnahmen</u>	
Aktivitéiten	
Spiller	
Spektakel	
Concerten	
Verkaf vun Merchandisingartikelen	
Verkaf vum Gedrénks	
Verkaf vun lessen	
Sponsoring	
Total	>>30.000 €

5. Sponsoring Offer

❖ Sponsor

Fir eis Ausgaben ze decken, sinn mir op der Sich no Sponsoren. Dofir hunn mir verschidde Packagen ausgeschafft, wou dir lech dat Richtegt kënnst aussichen:

Package	<u>Unzuel vun Packagen</u>	<u>Präis</u>	<u>Télévie</u>
Pack 1 (Gold)	1	3.000€	⇒ Bühn 2x Banner (2m x 4m) alleng an 2x Roll-Up mat 3 anere Sponsoren ⇒ 3x Calicot/Roll-Up um Site (1m x 3m) ⇒ 2x Beach Flag 4m ⇒ Broschür A5 (1 ganz Säit) ⇒ Logo um Flyer mam Programm ⇒ Hauptsponsor op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 2 (Silver)	3	1.500€	⇒ Bühn 2x Banner an 2x Roll-Up jeweils mat 2 anere Sponsoren vum Pack 2 (2m x 4m) ⇒ 3x Calicot/Roll-Up um Site (1m x 3m) ⇒ 2x Beach Flag 4m mat 2 anere Sponsoren ⇒ Broschür A5 (1 ganz Säit) ⇒ Logo um Flyer mam Programm ⇒ Zweetgréissten Sponsor op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 3 (Bronze)	2	1.000€	⇒ 3x Calicot/Roll-Up um Site (1m x 3m) ⇒ 2x Beach Flag 4m ⇒ Broschür A5 (1 ganz Säit) ⇒ Logo um Flyer mam Programm ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 4	4	750€	⇒ 3x Calicot/Roll-Up um Site (1m x 3m) ⇒ Broschür A5 (1 ganz Säit) ⇒ Logo um Flyer mam Programm ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 5	4	500€	⇒ 1x Calicot/Roll-Up um Site (1m x 3m) ⇒ Broschür A5 (2/3 Säit) ⇒ Logo um Flyer mam Programm ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 6	Onbegrenzt	400€	⇒ Broschür A5 (1 ganz Säit) ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 7	Onbegrenzt	300€	⇒ Broschür A5 (2/3 Säit) ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 8	Onbegrenzt	200€	⇒ Broschür A5 (1/2 Säit) ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 9	Onbegrenzt	150€	⇒ Broschür A5 (1/3 Säit) ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook
Pack 10	Onbegrenzt	100€	⇒ Broschür A5 (1/4 Säit) ⇒ Logo op der Internetsäit ⇒ Logo um Facebook

- Logo op der éischer Säit vun eiser Internetsite (Pack 1 & 2)

Äre Logo kënnt op déi éischt Säit vun eiser Internetsite:

<http://www.televieaerenzdall.lu>

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

De Logo gëtt op d'Internetsäit gesat soubal bezuelt ass.

- Logo op der Internetsäit (Pack 3 - 10)

De Logo kënnt op eiser Internetsite an de Beräich « Sponsor ».

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

De Logo gëtt op d'Internetsäit gesat soubal bezuelt ass.

- Logo op Facebook

De Logo gëtt op eiser Facebooksäit 2 mol de Mount mat den anere Sponsoren zesummen gedeelt, an dat ab dem Zäitpunkt, wou mir de Logo kritt hunn.

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

De Logo gëtt op d'Internetsäit gesat soubal bezuelt ass.

- Logo op der Bühn

Op de Säiten ginn Fixatiounen gesat, wou een jeeweils e Banner vun 2m x 4m ophänke kann. Dorop kennt de Logo vum Sponsor (Pack 1 « Gold ») respektiv d'Logoen vun den 3 aner Sponsoren (Pack 2 « Silver »). Well vill Leit erwaart ginn, an op der Bühn d'Schecken offiziell vum RTL iwwerreecht ginn an och d'Moderatioun gemaach gëtt, ass dës déi wichtegst Platz wou och déi meescht Leit är Reklam gesinn.

De Banner gëtt vum Organisateur drécke gelooss.

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

- Logo op der Beachflag

D'Beachflaggen kommen an d'Haaptentrée stoen, wou d'Leit all era kommen. Mat enger Héicht vu 4m ass dës net z'iwwersinn. Dorop kennt de Logo vum Sponsor (Pack 1 « Gold » & Pack 3 « Bronze ») oder d'Logoen vun den 3 Sponsoren (Pack 2 « Silver »).

D'Beachflaggen ginn vum Organisateur drécke gelooss.

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

- Logo um Calicot

D'Calicoten kënnen um ganze Site no Ofsprooch mam Organisateur opgehaange ginn. D'Gréisst gëtt limitéiert op 1m x 3m fir datt et fir jiddereen d'selwecht ass.

De Sponsor muss de Calicot selwer zur Verfügung stellen an op d'Platz bréngen.

- Logo an der Broschür

Virum 25. Abrëll 2015 bréngt de Comité eng Broschür mat den Sponsoren, Donateuren, mam Site an mam Programm eraus. Dës gëtt a 5.000 Exemplaire drécke gelooss an duerch d'ganz Aerenzdallgemeng, sou wéi och an den Nopeschgemengen ausdeele gelooss, sou dass eng grouss Zuel vun Leit erreecht gëtt.

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

- Logo um Flyer mam Programm

Virum 25. Abrëll 2015 bréngt de Comité nieft der Broschür och een Informationsflyer eraus, op deem d'Logoen vun de Sponsoren vum Pack 1 bis 5 drop kommen. Op deem Informationsflyer kënn och ee Plang vum Site an den Programm drop. Dës gëtt a 15.000 Exemplaire drécke gelooss an duerch d'ganz Aerenzdallgemeng, sou wéi och an den Nopeschgemengen ausdeele gelooss, sou dass eng grouss Zuel vun Leit erreecht gëtt.

De Sponsor muss de Logo an enger héijer Opléisung zur Verfügung stellen.

6. Kontakt

Kontaktpersoun	:
GSM	:
E-Mail	:	sponsor@televieaerenzdall.lu
Offiziell Adress	:	Télévie Aerenzdall 23, Gilsduerferstrooss L-9366 Ermsdorf
Kontosnummer	:	CCRA LU17 0099 7800 0034 0356

!!! E GROUSSE MERCI AM VIRUS FIR ÄR ENNERSTÜTZUNG !!!